

# ONG-NEWS

LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN  
SERVICE COOPÉRATION A.S.B.L.



60 JOER ENTWÉCKLUNGSARBECHT 1959-2019



## INHALT

Edito	2
60. Anniversaire vun der ONG	3 – 13
Sensibilisierung	14 – 17
Unsere Entwicklungsprojekte	18 – 27
Unterstützung	28 – 31
Finanzaufkommen 2019	32
Der Verwaltungsrat	32
Dank an die Spender	32

# Edito

## Merci!

**D**at vergaangent Joer war gepräagt vum eisem 60. Gebuertsdag. Eng Rei Aktivitéiten a Momenter konnte mir am Kader vun dësem Anniversaire erliewen. Sécherlech zielt eis *Soirée conviviale* zu den Héichpunkte vun dësem Joer. E puer Generatiounen hu sech deen Owend afonnt, fir zesummen eis ONG ze feieren. E Bléck an d'Vergaangenheet huet äis gehollef, de Wee, dee mir bis elo gaange sinn, besser ze verstoen. Mir sinn awer net beim Réckbléck stoe bliwwen, mee déi aktuell Situatioun weist äis, datt et och weiderhi wichteg ass, datt mir äis fir eis afrikanesch Frënn asetzen. No dësem groussen Joer vum Anniversaire heescht et elo sech net einfach auszerouen, ma mat vill Courage a Freed eise Wee weiderzegoen!



Nieft all dësen Aktivitéite sinn eis Projeten natierlech weidergelaf. Vill Zäit an Energie sinn op en Neits investéiert ginn, fir datt mir de Beneficiairë vun eise Projeten zu enger méi gesécherter Zukunft verhëllefle kënnen. An dësem ONG-News befanne sech eng Rei Artikelen zu den aktuelle Projeten. Op der enger Säit si mir weider um Wee mat dem Schoulprojet zu Zambélé an op der anerer Säit ass et de Projet, wou d'Formation mat dem Iesel an der Kassin am Mëttelpunkt steet, dee gutt virukënn.

Wéi Dir sécherlech wësst, befënnt de Burkina Faso sech am Moment an enger net einfacher Situatioun. Awer mir si frou, datt mir, trotz deenen Tensiounen, an eise Projete gutt weiderkommen. Dës positiv Entwécklung baséiert ganz kloer op eisem gudden Zesummeschaffe mat eise Partner um Terrain an awer och op der viller Zäit, der Energie, dem Courage an de villen Iddien, déi vu ville Mënschen am Burkina Faso an hei an eisem Land investéiert ginn.

Ech wëll vun dësen Zeile profitéieren a genee fir dëst Engagement MERCI soen! Eiser Chargée de projets, der Mme Jacqueline Monville, eisem Sekretär vun der ONG, dem Här François Glodt an der Mme Chantal Heuschling, eiser Sekretärin vum Siège. Merci soen ech awer och all eise Membere vum Verwaltungsrot. Déi Kraaft, déi Zäit an déi Iddien, déi hei investéiert ginn, sinn enorm! Nieft de reegelméisseg Reunionne vun dem Verwaltungsrot, sinn et eng Rei

Treffe vun Aarbechtsgruppen, déi et erméiglechen, esouwuel d'Projeten, ewéi och d'ONG am allgemenge virunzebréngen.

Nieft de schonns genannte Membere vun eisem Büro a vum Verwaltungsrot, soen ech de verschiddene regionale Gruppen, dem Nationalcomité an den Aarbechtsgruppe vun der *LLJ Merci*, fir hiert Engagement an hir Presenz. Awer natierlech och allen Donateurs! Ëmmer erëm erliewe mir eng grouss Ënnerstëtzung, sief et vu materieller, awer och vu moralescher Natur.

E besonnesche Merci geet awer och un déi verschidde Ministère mat un der Spëtzt, dem Kooperationsministère an dem Här Franz Fayot. Mir wënschen eisem neie Kooperationsminister all Guddes a vill Satisfaktioun a senger neier Charge! Och senger Virgängerin, der Mme Paulette Lenert, soe mir Merci fir hiren Asaz an hir Presenz.

60 Joer si mir elo schonns ënnerwee an ech wënschen äis, datt nach vill Joren dobäikommen! Och an Zukunft wëlle mir mat eise Partner an Afrika Hand an Hand ee Wee goen. Mir sinn dankbar fir all Hëllef, fir all Engagement, fir all Presenz.

Nach eng Kéier: E groussen Merci un Iech all! Barka!

**Romain Richer**  
President

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)

### Fest gewëllt, fir de Gedanke vu Solidaritéit vun de „Pionéier“ weiderzeféieren



*Wéi schonn den Tony Mailliet huet och de Marcel Scheidweiler (l.a.B.) déi jonk Bauere geléiert, wéi d'Kielere korrekt fabrizéiert ginn a wéi den Iesel agesat ka ginn, fir hinnen esou déi penibel Aarbecht mam Daba op de Felder ze erliichteren*

**D**at lescht Joer (2019) huet sech deem aktuelle Verwaltungsrot vun eiser ONG d'Geleeënheet gebueden, fir am Kader vu verschiddenen Evenementer op de 60. Anniversaire vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der *Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) zrëckzeblécken an an der Ëffentlechkeet op d'Aarbecht, déi zënterhier am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika geleeest ginn ass, resp. hautdesdaags weidergefouert gëtt, opmierksam ze maachen.

**60 JOER ENTWÉCKLUNGS-  
AARBECHT 1959-2019**

#### **Vum Kampf dem Hunger in der Welt iwwer d'Hilfe zur Selbsthilfe zum aktuelle Verständnis vun Entwécklungszesummenaarbecht**

Eng ganz Rei vun eise Memberen, Frënn a Lieser vun dësen Zeile wëssen, datt de Grondstee vum laangjäregen Engagement vun de „Jongbaueren a Jongwënzer“ (LJB&JW) – wéi d'Associatioun deemools genannt ginn ass – op de Wëllen an de Courage vu markante Perséinlechkeeten innerhalb vun der Associatioun zrëckzeféieren ass.

Dat ass un éischter Stell de Jesuitepater Henri Spoden, Nationalaumônier vun de LJB&JW, deem – zesumme mat de Verantwortleche vum Jugendverband vun deemools – de Slogan „Kampf dem Hunger in der Welt“ opgegraff huet, deem 1958 um Internationale Kongress vum MIJARC (*Mouvement International de la Jeunesse Agricole et Rurale Catholique*) zu Wien formuléiert ginn ass. De Wëllen, fir e

# Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)

Bäitrag géint den Honger an der Welt ze leeschten, gehéiert deemno zu engem wichtege Bestanddeel vum Fëllement vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der haiteger LLJ.

De Mgr Leo Wagener, dee fréiere President vun eiser ONG an Nationalaumônier vun der LLJ (vun 1991 bis 2012) – haitege Weibëschof vu Lëtzebuerg – huet an deem Kontext bei senger Usprooch op der Feier vum 40. Bestoe vun der Kooperatiounsarbeit vun de LJB&JW bemierkt, datt et: *Um Ufank wuel éischer ëm en Zuhëllefkomme vu Mënschen an Nout giong, déi un eist Matgefill an un eis chrëschtlech Verantwortung appelléiert hunn. Dunn awer koum de Gedanke vun der sozialer Gerechtegkeet méi staark op.*


Hien huet dobäi ënnerstrach: *Et ass net nëmmen e Gebot vun der chrëschtlecher Nächstelëft, fir aneren ze hëllefen, mee et ass eng Fro vun der Gerechtegkeet, datt Mënschen a Misär, d'Moyene kréie fir d'Strukturen, déi si an de Misär dreiwien, ze veränneren. Hëllef dierf sech net op eng eemoleg Noutstoppaktioun beschränken, mee si soll – wéi mir haut soen – **nohalteg** sinn. Dat heescht, et musse Projeten op d'Been gestallt ginn, déi eng wierksam „Hilfe zur Selbsthilfe“ duerstellen. Dat hunn d'LJB&JW vun der éischer Stonn un, mat der Kollaboratioun vu sougenannten „Entwécklungshelfer“ um schwaarze Kontinent probéiert.*

Dës Entwécklungshelfer – haut schwätze mir vu *Co-opérants* – kënnen deemno – zesumme mat hire jeeweilige Verantwortlechen als 2. Pilier an deenen éischte Jore vum Engagement vun der LLJ an Afrika betruuecht ginn. Mam Toni Mailliet, deem 1959 op Aluedung vum Mgr Joseph-Marie-Eugène Bretault, M. Afr. Bëschof vu Koudougou, an déi fréier Ober-Volta (haut Burkina Faso) gefuer ass, fir sech an den Dénsgsch vum der lokaler Landbevëlkerung ze stellen, huet déi laangjäreg Kooperatiounsarbeit vun der LLJ hire Wee ageschloen. Bis 1996 sollten deemno ëmmer nees jonk Lëtzebuurger um Terrain am Asaz sinn. Déi insgesamt 20 Cooperante si vun den LLJ-Nationalaumônieri bei hirem Engagement begleet an encadréiert ginn. Iwwer laang Jore waren deemno den Abbé Léon Kirsch an säi Nofolger, den Abbé Leo Wagener, d'Garante vun der Kontinuitéit vun der Aarbecht vun der LLJ um afrikanesche Kontinent.

## Bis dato 5 grouss Etappen am Liewe vun der ONG

Bis dato kënnen mir vu folgende fënnf groussen Etappen ausgoen, déi d'Entwécklungszesummenaarbecht vun der LLJ ausgemaach hunn:

**1. Etapp:** Vun 1959 bis 1969 an der Ober-Volta (Burkina Faso) – mat Akzent op d'Uspane vun Ieselen, fir d'Feldarbeit ze erliichteren an d'Ertrëg ze optimiséieren.



Och wann de Service Coopération zënter 1984 als eegen Entitéit agéiert, esou weist dësen Organigramm, wéi staark d'Hëlleforganisatioun mat der LLJ an hire regionale Gruppe verbonne bliwwen ass

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*Zënter 2008 steet nees virun allem de Bauerestand aus dem Burkina Faso am Fokus vun de Beméiunge vun eiser ONG*

**2. Etapp:** Vun 1969 bis 1979 zu Djuma an Ëmgéigend am Zaire (RDC) – mat Akzent op de Bréckebau, fir et de Bauere besser ze erméiglechen, hir landwirtschaftlech Produkter un d'Händler ze verkafen.

**3. Etapp:** Vun 1979 bis 1993 an de Centres de Formation vu Lwono an N'sele Mwedi am Zaire (RDC) – mat Akzent op d'Ausbildung/d'Installatioun vu jonke Baueren, Véiziichter, Steemetzer a Schräiner.

**4. Etapp:** Vun 1993 bis 2003 eng Hellewull vu méi a manner grouss Projeten am ländleche Raum am Bénin, Burkina Faso, Camerun, Congo, Côte d'Ivoire a Ruanda, mat Akzent op de Bau an den Ënnerhalt vu Schoulen, Centres nutritionnels, Dispensairen, Spideeler, Weesenheemer duerch lokal Partner.

**5. Etapp:** Vun 2003 bis haut am Kader vum Kofinanzement duerch de Lëtzebuerger Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire – mat Akzent op d'Aktivitéiten aus dem Beräich vun der Landwirtschaft/der Véizuucht, resp. der Educatioun; dat virun allem am Burkina Faso.

Méi Detailer zu dëse groussen Etappe fënnt deen Interesséierten op de Säite 6 bis 13 am ONG.News Nr. 22/2019, dee weiderhin ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu) erofgeluede ka ginn.

### De Gedanke vu Solidaritéit mat der mannerbeméttelter ländlecher Bevëlkerung

Vill Leit hunn sech an deene 60 Joer an deene respektiven afrikanesche Länner an heiheem staark investéiert an hunn och a méi schwierigen Zäiten, d'Staang am Interessi vun der gudder Saach riicht gehalen. Hinne gëllt eis grouss Unerkennung an eise grouss MERCI!

D'Verständnis vun Entwécklungszesummenaarbecht an den Engagement hunn sech an all deene Joren – verständlecherweis – lues a lues verännert. De Gedanke vu Solidaritéit mat der mannerbeméttelter ländlecher Bevëlkerung huet sech dobäi awer ëmmer wéi de roude Fuedem duerch déi laang Geschicht vun eiser Hëlleforganisatioun gezunn. Fir déi respektiv Membere vum Verwaltungsrot hat/huet dës Gedanke weiderhi Bestand. Esou ass en 2004, folgendermoosse formuléiert, an den iwwerschaafte Statute vun der ONG opgehol ginn: ***Soutenir et accompagner des projets de développement durable et orientés vers les populations de l'Afrique subsaharienne francophone.***

Och d'Stratégie opérationnelle vun der ONG (ze fannen ënner [www.jongbaueren.lu/ljbhw-sc](http://www.jongbaueren.lu/ljbhw-sc)), déi de Kader setzt, an deem sech d'Aktiounen vun der Kooperatiounsarbeit an de Joren 2017 – 2021 beweegen, baséiert op deem Gedanken.

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



Mat engem fuschneien Expo-Stand ass op der 2. Editioun vum „Bauerenhaff an der Stad“, deen iwwer de Weekend vum 6. – 7. Abrëll 2019 mat grousssem Succès vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren organiséiert ginn ass, den Optakt vum Jubiläumsjoer vun der ONG gemaach ginn



De Marc Roeder, LLJ-President (1. Rei, 3.v.l.), deen drop gehalen huet, datt verschidde Gadgets zum Ofschloss vun der klenger Bauereausstellung an der Stad ënner den Hummer komm sinn – fir engersäits iwwer dee Wee op d'ONG opmierksam ze maachen an anersäits d'Kooperatiounsarbecht am Burkina Faso ze ënnerstëtzen – hat säi Spaass, fir den Ausriiffer Christian Hahn bei der Stee an Aktioun ze erliewen

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*D'Landjugendgruppen – hei d'LLJ Süden – hunn sech géigesäiteg héichgeschaukelt an alles ginn, fir hir Konkurrenz beim Steeën ze iwwerbidden*

De Verwaltungsrot ass sech deemno dem Opdrag bewusst an ass bestreift, fir d'Liewenskonditiounen vun der ländlecher Bevëlkerung an de ländleche Regiounen an Afrika mat deenen him verfügbare Mëttelen nohalteg ze verbesseren.

### D'Jubiläumsjoer 2019

Fir d'Joer vum 60. Anniversaire hat de Verwaltungsrot en interessanten, ambitiësen awer och festleche Programm opgestallt, fir esou an engem erweiderte Kader op déi aktuell Tätigkeete vun der ONG opmierksam ze maachen. Den Optakt vum Jubiläumsjoer ass mat engem fuschneien Expo-Stand un der sougenannter Sensibiliséierungsaktioun **Bauernhaff an der Stad** gemaach ginn.

Niewent dem Programm vun där klenger „Bauernausstellung“, déi iwwer de Weekend vum 6. bis 7. Abrëll 2019 op der Place de la Constitution – bei der *Gëlle Fra* – op d'Realitéit vun de jonken Acteuren aus der Landwirtschaft opmierksam maache sollt, huet sech de Visiteuren d'Geleeënheet gebueden, fir sech iwwer déi aktuell Kooperatiounsprojeten, déi am Burkina Faso realiséiert ginn, ze informéieren. Doniewent hu fläisseg Benevölker – deene mir hei nach eemol gäre MERCI soen – d'Membere vun der ONG ënnerstëtzt, fir Kaarten, Ieselcher, Geméissäckelcher an – d'*Cuvée Jubilee K6N by Georges Schiltz* – fir de gudden Zweck unzebidden. D'Cuvée ass iwwerregens nach weiderhin am Verkaf a kann iwwer

Tel.: 44743 - 252 oder per Mail ([secretariat@jongbaueren.lu](mailto:secretariat@jongbaueren.lu)) an eiser Zentral bestallt ginn.

Wéi och scho bei der 1. Editioun vum Bauernhaff an der Stad (2017) haten d'LLJ-Präsidenten Angèle Mersch a Marc Roeder virum Ofschloss vun där gutt besichter klenger *Foire Agricole* drop gehalen, fir eng Stee mat allerhand Gadjeten a regionale Produkter ze organiséieren. De fréieren LLJ-Präsident Christian Hahn huet d'Charge vum Ausriiffer iwwerholl an huet esou munchereen, deen eigentlech guer net matsteeë wollt, dozou beweegt, fir e puer Euro fir déi gutt Saach hänken ze loossen. Alles an Allem war et eng spaasseg Saach, un déi sech de Schreiwer vun dësen Zeile gären erënnert an déi him e Schmunzelen an d'Gesicht zaubert.

E weidert grousst Event vun der LLJ, dat sech nom *Stadter Bauernhaff* ugebueden huet, fir de 60. Anniversaire vun der Kooperatiounsarbecht vun der LLJ ervirzeesträichen, war de **45. Landjugenddag**, op deem d'Landjugend Maacher den 30. Mee 2019 op Berbuerg invitéiert hat.

Als Héichpunkt vum Jubiläumsjoer kann awer ouni Zweifel d'Präsenz vun der ONG op der **Foire Agricole** vun Ettelbréck (FAE) betruucht ginn. Fir d'FAE – wou bis zu 30.000 Visiteure gezielt gi waren – war deemno vum Aarbechtsgrupp e stramme Programm ausgeschafft ginn.

Den éischten Dag (5. Juli 2019) vun der Ausstellung ronderëm d'Lëtzebuerger Landwirtschaft ass traditionell fir d'Schüler aus de Grondschoulen aus dem Land reservéiert.

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*Sonndes haten d'Bauerevertrieeder aus dem Burkina an d'Memberen aus dem Verwaltungsrat vun der ONG d'Éier, fir de Landwirtschaftsminister Romain Schneider am Zelt vun der ONG ze begréissen*

Och d'ONG huet – niewent deenen 58 Workshops, déi vun den Aussteller ugebuede gi sinn – e Gesangs- an Danzatelier organiséiert, fir d'Kanner an déi afrikanesch Kultur andauchen ze loossen. D'Animatioun vum Atelier ass vum Sada Diagne, mat deem d'ONG schonn e puer Mol geschafft huet, a senge Museker an Dänzer iwwerholl ginn.

6 Schouklasse hu vun dëser Offer profitéiert, esou datt den Atelier vu moies a bis datt d'Schouklasse de Site verlooss hunn, permanent ausgebucht war.

Zwou Gespréichsronnen, fir de Public op verschidden Themen, déi d'Produzenten am Burkina Faso betreffen, opmierksam ze maachen

Fir samschdes a sonndes war jeeweils vun 11:00 bis 12:00 Auer eng Gespréichsronn programméiert, déi vun der RTL-Journalistin Nadine Gautier moderéiert ginn ass.

Samschdes hunn deemno de Bauerevertrieeder Marc Gansonré, Generalsekretär vun der CPF (Confédération Paysanne du Faso) an der FEPAB (Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina Faso), de Pol Faber, Ingénieur

agronome an Expert fir Landwirtschaft, Ëmwelt an Développement, de Philippe Lhoste, Agronom, Zootechniker an Expert an der Traction animale iwwer d'Thema <sup>1)</sup> **De Klimawandel a säin Impakt op déi landwirtschaftlech Familljebetriber am Burkina Faso** debattéiert.

Am Virfeld vun der eigentlecher Table ronde ass eis Vizepresidentin Marie-Claude Marx kuerz op déi 60-järeg Tätigkeet vun eiser Hëlleforganisatioun agaangen. Direkt no der Table ronde hunn de Sada Diagne a säi Kolleg d'Thema vun der Gespréichsronn während e puer Minutten a Musek an Danz ëmgeseet.

An der Tëschenzäit huet d'Madamm Suzanne Eke mat hirer Ekip déi éischt Tellere mat engem gudden afrikanesche Plat niewent dem Expo-Stand erausginn. Um Menü stoung Bio-Pouletsstrëmpelen (vun Dudel-Magie geliwwert) mat Kakuettzenzooss, Saka-Saka (gestampfte Maniokblieder), Kachbanann a Râis.

D'Visiteuren, déi eise Stand bis dohin net fonnt haten, sinn um 15:00 Auer mat den Trommele vum Sada Diagne a senger Ekip bei d'Bühn – déi och am Espace vun der

<sup>1)</sup> *Am Burkina Faso weist sech de Klimawandel engersäits duerch d'Klamme vun den Temperaturen an anerersäits duerch méi onreegelméisseg Nidderschläi, wat zu méi Dréchent an zu méi Iwwerschwemmunge féiert. Fir d'Landwirtschaft huet dëst dramatesch Konsequenzen: manner Ertrag, méi Aarbecht an Ausgabe fir d'Produzenten, d'Beinträchtigung vun der Buedemfruchtbarkeet duerch Buedemerosioun. De Klimawandel bedréit d'Liewensmittelsécherheet vun de Populatiounen, déi gréisstendeels „Selbsternährer“ sinn an deenen hir Liewensweis e minimale klimatesche Foussofdröck huet.*

# Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*Während der 1. Table ronde ass samschdes op de Klimawandel a säin Impakt op déi landwirtschaftlech Familljebetriber opmierksam gemaach ginn*

Lëtzebuurger Landjugend a Jongbaueren ze fanne war – gelackelt ginn. D'Leit, déi de Spektakel gesinn hunn, sinn op hir Käschte komm; d'Museker an d'Dänzer hunn alles ginn, fir si ze begeschten.

Sonndes moies war et dunn um Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau an Entwécklung vum ländleche Raum, fir zesumme mam Marc Gansonré a Philippe Lhoste op d'Thema: <sup>2)</sup> **D'Ënnerstëtzung vum Asaz vun Aarbechtsdéieren an de Familljebetriber am Burkina Faso** op der Bühn anzegoen. Well d'Madamm Paulette Lenert, Ministesch fir Kooperatioun an Humanitär Hëllef, sech kuerzfristeg huet missen entschëllege loossen, huet den Här Romain Schneider, fréiere Kooperatiounsminister an Expert an dese Froen, och dese Volet matiwwerholl.

Um Carlo Schiltges, Vizepresident vun der ONG war et dës Kéier fir de Public iwwer d'Kooperatiounsarbecht ze informéieren, déi d'LLJ zënter 60 Joer an Afrika leescht. Dono krut de Marc Roeder, President vun der LLJ, vun der Moderatorin d'Wuert, fir dem Public déi direkt Verbindung vun der LLJ zur ONG ze erklären.

Och no deser Gespréichsronn huet de Sada Diagne a säi Kolleg, d'Thema vun der Gespréichsronn während e puer Minutten a Musek an Danz ëmgesat. Um 15:00 Auer hunn seng Museker an Dänzer, wéi schonn deen Dag virdrun, d'Bühn an de Public vibréiere gelooss.

Mir soen all deenen, déi sech aktiv an d'Preparatiounen an d'Realisatioun vun deenen – dach intensiven – Deeg abruucht hunn, e ganz grouse MERCI. E spezielle Merci geet un déi Verantwortlech vun der Foire Agricole – d'Häre Michel Santer, Pol Schmitz a Jeff Boonen – déi der ONG et erméig-



*Sonndes moies ass d'Thema: „D'Ënnerstëtzung vum Asaz vun Aarbechtsdéieren an de Familljebetriber am Burkina Faso“ vun Bauervertrieeder, Experten an Autoritéiten opgegraff ginn*

lecht hunn, fir zu Ettelbréck iwwer déi beschriwwen Aktivitéiten op de 60. Anniversaire opmierksam ze maachen. Vill weider Impressiounen vun der Presenz vun der ONG op der Foire Agricole fënnt deen Interesséierten ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu).

## Dag vun der Kooperatioun, de 6. Oktober 2019 zu Clief

Op de Säite 14 – 17 gi mir am Detail op deen Dag an, deen d'LLJ Clärref am Zeeche vum 60. Bestoe vun der Kooperatiounsarbecht vun der LLJ organiséiert hat.

## Ofschloss vum Jubiläumsjoer zu Wickreng

Den Ofschloss vum Jubiläumsjoer konnt de 26. Oktober 2019 am Kader vun enger **Soirée conviviale** zu Wickreng „An Haffen“ gefeiert ginn.

E grouse MERCI geet virop un d'Famill Majerus-Clemes, déi äis d'Raim spontan, onkomplizéiert a gratis zur Verfügung gestallt hunn.

E weidere grouse MERCI geet un d'Membere vum Aarbechtsgrupp, déi – niewent deenen opgezielten Aktivitéiten aus dem Jubiläumsjoer, och dës Soirée conviviale gestëmmt hunn. Si souze vill Stonnen zesummen, fir e flotte Programm op d'Been ze stellen an deen och ëmzesetzen. Ouni hire groussen Asaz an hir Disponibilitéit wier dat net méiglech gewiescht. BRAVO!!!

Am Festsall haten sech vill Frënn, Ancienen an – erflecherweis – vill Jonker aus de regionale Gruppe vun der LLJ afonnt, fir zesummen op dat 60-järegt Bestoe vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun eiser Associatioun

<sup>2)</sup> Den Asaz vun der Kraaft vum Déier ass a ville Länner am Beräich vun der Landwirtschaft, wou d'Bauern hir Felder mat einfache Methoden an op der Hand beakere, nach ëmmer aktuell. Duerch d'Zréckgräifen op Schaffdéiere kann d'Aarbecht op de Felder wesentlech vereinfacht ginn an d'Produktioun gesteigert ginn. Doriwwer eraus kann d'Liewensméttelsécherheet optimiséiert an déi extreem Aarmut ënnerbonne ginn.

D'Lëtzebuurger Landjugend a Jongbaueren (fréier: Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer) hunn an de 60er Jore vum leschte Joerhonnert hiren Deel dozou bäigedroen, fir d'Aarbecht mam Iesel op de Felder anzeféieren. Dese Volet hält och nach haut eng wichteg Plaz an de Kooperatiounsprojeten an, déi d'ONG am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika realiséiert.

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*Den Orchester vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, deen säin éischten Optrëtt op der Feier vum 90. Anniversaire vun der LLJ (10.11.2018) hat, huet drop gehalen, fir och bei der Feier vum 60. Jubiläum vun der ONG derbäi ze sinn*

*Eisen afrikanesche Frënd, de Sada Diagne (l.a.B.) war mat sengem Perkussionist mat Freed um Rendez-vous, fir d'Gäschtkonzeert musikalesch ze empfänken*



unzestoussen. Den Owend war bewusst an ee gesellege Kader gesat ginn, fir et deene Jonken a manner Jonken ze erméiglechen, sech auszetauschen, e puer flott Stonnen zesummen ze verbréngen an ze feieren.

Och déi Jonk vum „LLJ-Orchester“ hunn hire Bäitrag gelescht, fir datt den Owend stëmmeg ofgelaf ass. Si hate spontan drop gehalen, fir – niewent hiren afrikanesche Kolleegen – bei der Feier derbäi ze sinn an den Owend musikalesch ze encadréieren. Hinnen all e grouse MERCI!

Op den nächste Säiten fannen eis Lieser, d'Usprooch vum President Romain Richer, deen do – ënner anere – villen engagéierte Leit, déi d'ONG geprägt hunn, seng grouss Unerkennung ausgeschwat huet.

*François Glodt*

*Niewent den Ancienë vun der LLJ an/oder der ONG, haten sech vill jonk Membere vun der LLJ zu Wickreng afont, fir beim feierlechen Ofschloss vum Jubiläumsjoeer derbäi ze sinn*

*E grouse MERCI geet un d'Membere vum Aarbechtsgrupp vum 60. Anniversaire, fir hir grouss Disponibilitéit!!! Hei en Deel vun hinne mat den afrikanesche Museker an deem laangjäregem Member a Frënd vun der ONG, dem Marcel Scheidweiler (3.v.r.)*



## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)

### Lieweg an engagéiert

Usprooch vum Romain Richer, President, op der *Soirée conviviale*, de  
26. Oktober 2019 "An Haffen" zu Wickreng, zum Ofschloss vum Jubiläumsjoer



*Déi aktuell Presidente vun der LLJ, Angèle Mersch a Marc Roeder (l.v.r.) – déi de Verantwortleche vun der ONG ëmmer gären zur  
Säit stinn – mat deem haitege President vun der ONG, dem Abbé Romain Richer (l.v.l.), a sengen Virgänger, den Här Chanoine  
Léon Kirsch (Mëtt) niewent dem Monseigneur Leo Wagener*

**L**éif Éierepresidenten, Monseigneur Leo Wagener an  
Här Chanoine Léon Kirsch,

léif Nationalpresidenten, Angèle Mersch a Marc  
Roeder,

léif Membere vum Nationalcomité a vun de regionale  
Comitéen,

léif Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a  
Jongbaueren,

léif Ancienen,

léif Ënnerstëtzer vun der LLJ a vun eiser ONG,

léif Membere vun eisem Conseil d'Administration a vum  
Organisatiounscomité,

léif Gäscht alleguerten,

Erlaabt mir fir d'éischt e puer Leit ze entschëllegen,  
fir d'éischt eise Chamberpresident, de Fernand Etgen.  
Och entschëllege wëll ech eis Kooperatiounsministesch,  
de Landwirtschaftsminister, den Educatiounsminister an  
d'Deputéiert Octavie Modert. Eis Chargée de projets, d'Mme  
Jacqueline Monville an eis Sekretärin vum Siège, d'Chantal  
Heuschling loosse sech och entschëllegen. Allebéid denken  
awer ganz besonnesch haut den Owend un äis.

Ech denken, mir kennen all d'Geschicht; de Point de  
départ vun eiser ONG. Nach viru kuerzem hu mir eng Mail  
vun engem vun eise Partner, dem Abbé Jean-Marie Konkobo  
aus dem Burkina Faso kritt. Hien huet äis erzielt, datt eis  
Kooperatiounsministesch, d'Mme Paulette Lenert, an hirer  
Ried, déi si am Kader vun der Commemoratioun vun „20  
Joer Kooperatioun Burkina Faso – Lëtzebuerg“ gehalen  
huet, dorop higewisen huet, datt et eis Jongbauere waren,  
déi mat der Traction asine de Grondstee vun der Koopera-  
tiounsarbeit am Burkina Faso geluecht hunn.

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)

Jo, mir dierfen houerreg sinn op dat, wat deemools ugefaange ginn ass a wéi sech d'ONG bis haut entwéckelt huet. Vun Ufank un hate mir Leit, déi duerch hirt grousst Wëssen, deelweis esouguer duerch hir Erfarungen um Terrain, duerch hiren Don, aner Mënsche fir d'Kooperatiounsarbecht ze begeeschteren, d'ONG virubruecht hunn. An och haut geet et net ouni motivéiert Leit.

### Zesummenaarbecht, Respekt a géigesäiteg Ënnerstëtzung

Mir wëssen all, et ass net einfach sech hautdesdaags fir d'Entwécklungsarbecht anzesetzen: Et brauch Zäit, déi äis oft emol gäre fortleeft. Et brauch Gedold, fir sech mat all de Virschreften a gesetzleche Konditiounen ausernaner ze setzen. Et ass natierlech wichteg, datt mir streng Gesetzer hunn – well, ganz kloer – all Projet muss seriö encadréiert ginn, fir datt en och zum Wuel vun de Beneficiairë realiséiert ka ginn.

Vun Ufank u gouf et an eisem Conseil d'Administration, dem CA, e Klima vun Zesummenaarbecht, Respekt a géigesäiteger Ënnerstëtzung. D'Demokratie gëtt net nëmme um Niveau vum Staat gelieft, am zivilpolitesche Liewen, mee och an eisem CA ass den demokratesche roude Fuedem erëmzefannen.

Jo, mir sinn am Verglach mat aneren, eng méi kleng ONG, awer dofir ëmsou lieweg an engagéiert! Ech si frou, datt mir och haut eng Rei gutt engagéiert Leit am CA hunn, déi duerch hirt Wëssen, hir Erfahrung, hir Fantasie a Gedold, eis ONG zu enger Organisatioun maachen, déi op eng professionell Aart a Weis, Projeten ze realiséiere weess. Iech all e grouse Merci dofir! Ech weess, wéi vill Zäit a Kraaft Dir investéiert! Villmools Merci! Awer och Äre Familljen a Partner e grouse Merci, well ech denken, et ass sécher net ëmmer einfach, alles ënner een Hutt ze kréien.

Et ass kloer, datt eis Chargée de projets, eist Jacqueline, natierlech dozou bäidréit, datt mir eben op engem professionellen Niveau schaffe kënnen. Och him vun därer Säit aus: e grouse Merci!

Et ass vill investéiert ginn, mir versichen äis stänneg um neiste Stand ze halen, wat d'Comptabilitéit, d'Méthode vun der Sensibiliséierung, awer natierlech och – wéi schonns gesot – wat d'Ausschaffe vun de Projeten ubelaangt. An do si mir an der glécklecher Situatioun, datt mir seriö a ganz motivéiert Partnerorganisatiounen um Terrain hunn. Eng gutt Zesummenaarbecht – jo – dat erkennt een un deene wonnerbare Resultater vun eise Projeten!

Am Moment si mir jo am Burkina Faso tätég, wou mir op der enger Säit zu Zambélé dee grouse Schoulzentrum opbauen, d.h. vun der Crèche bis de Lycée, an op der anerer Säit de Projet, dee mir mat der Baueregewerkschaft, der FEPAB, realiséieren a wou et dorëms geet, ëm 11.000 Persounen eng Formatioun ze garantéieren, eng Formatioun mat der Kassin an dem Iesel. Dësweidere bedeelege mir äis



2012 huet den Abbé Romain Richer d'Funktioun vum President vun der ONG iwwerholl

un engem Projet, dee vu „Le Soleil dans la Main“ koordinéiert gëtt a vun „SOS Sahel Luxembourg“ matgedroe gëtt. D'Projete gi ganz gutt virun. Awer dat geet just, wann een Hand an Hand un esou Projete schafft!

### Merci

Merci Iech all, déi Dir Iech op déi eng oder aner Aart a Weis fir eis afrikanesch Frënn asetzt! Merci all eise Partner an Afrika an heiheim! Merci de verschiddene Ministèren! Merci all eisen Donateurs, wéi soll et ouni Är wäertvoll Ënnerstëtzung goen?

Merci un den Nationalcomité, hir Presidenten an un all eis regional Gruppe vun der LLJ. Merci och den Aarbechtsgruppen! Op vill Manéieren ënnerstëtzt Dir d'ONG an eng Rei vun Iech konnte jo op enge vun eise ville Visitten, d'Projeten a virun allem d'Beneficiairë kenneléieren. Äert Engagement ass wichteg a wäertvoll! A geschwë si mir erëm um Terrain!

## Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem Joer vum 60. Anniversaire vun der ONG (2019)



*D'Opschneide vum Gebuertsdagskuch duerch d'Éierepresidenten (Chanoine Léon Kirsch, Mgr Leo Wagener) den aktuellen ONG-President (Abbé Romain Richer) an den LLJ-Presidenten (Angèle Mersch a Marc Roeder)*

Merci eisen Éierepresidenten, fir Är Präsenz an Är wäertvoll Ënnerstëtzung! Merci de Membere vum CA an de verschiddenen Aarbechtsgruppe vum CA!

E ganz grouse Merci och eisem Bureau am Centre Convict: dem Franz, dem Chantal an dem Jacqueline. Ouni Iech 3 wier esou munches guer net méiglech!

Merci awer och deenen, déi gehollef hunn an och weider hëllefen, datt dësen Owend realiséiert ka ginn. An do wëll ech nieft dem Organisatiounscomité och der Famill Majerus-Clemes Merci soen, eise Museker, der Féngeger Jugend, dem Här Kirsch, Traiteur, mat senger Ekipp an all de Sponsoren.

**2 Saachen nach:** Am Laf vum Owend kënnt Dir un engem Quiz deelhuefen. Dir kritt Kaarten ausgedeelt. Do kënnt Dir Äert Wëssen testen an den éischte Präis ass eng Këscht mat engem gudde Wäin: eng gutt Cuvée, deen de Georges Schiltz am Kader vun eisem Anniversaire gemaach huet. Och him e grouse Merci dofir. Wann Dir elo sot – oh jee, ech hu kee Gléck mat esou Froebéi – ma keng Panik: Dir kënnt de Wäin och esou bestellen, haut den Owend, op dëser Plaz, et lount sech! Notzt d'Geleeënheet!

Léif Frënn, um Schluss géif ech Iech bidden, datt mir e kuerze Moment stëll ginn, datt mir eng Gedenkminutt hale fir de Pater Spoden, mäi Vir-Vir-Virgänger a fir all eis léif Verstuerwen, an Afrika an aus eisen eegene Reien hei a Lëtzebuerg ... Ech soen Iech Merci!

---

**ZËENTER 60 JOER**  
**AM DÉNGSCHT VUN DER LÄNDLECHER**  
**BEVËLKERUNG AN AFRIKA**

---

# Dag vun der Kooperatioun am Zeeche vum 60. Anniversaire

An Zesummenaarbecht mam Service Coopération vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) huet dee regionale Landjugendgrupp Cliärref e Sonndeg, de 6. Oktober 2019, op de sougenannten Dag vun der Kooperatioun op Clierf agelueden.



*De fréiere Kooperatiounsminister an haitege Landwirtschaftsminister Romain Schneider huet deene Jonke vun der LLJ Cliärref seng grouss Unerkennung ausgeschat, fir d'Organisatioun vum Dag zugonschte vun den Tätigkeete vun eiser ONG*

Schonn zënter 1990 gëtt dës Aktioun – zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun eiser ONG – all Joer nees vu verschiddene regionale Gruppe vun der LLJ organisiert. Während laange Jore war et haaptsächlech d'Landjugend **Zenter**, déi diesen Dag fest an hirem järechen Aktivitéitskalenner verankert hat. **Een Dag vun der Entwécklungshëllef**, wéi d'Sensibiliséierungsaktioun deemools ge-

annt ginn ass, ass aus den Iwwerleeungen ervirgaangen, wéi de Landjugendgrupp op seng Manéier, d'Entwécklungsaarbecht am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung a verschiddenen afrikanesche Länner ënnerstëtze kënn. Doniewent war et deenen deemolege Verantwortleche vum Grupp wichteg, datt hir Memberen iwwer d'Kooperatiounsprojeten informéiert ginn an d'Sensibiliséierung fir déi gutt Saach virugedriwwen gëtt.



*D'Memberen aus de regionale Landjugendgruppen, déi hir Kollegen aus dem „héijen“ Norden duerch hir Presenz beim Engagement fir de gudden Zweck ënnerstëtzen*





*Obligat Foto mam Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider, der Madamm Marie-Josée Jacobs – fréier Ministesch fir d'Familljen, d'Integratioun an d'Kooperatioun, haiteg Presidentin vu CARITAS Lëtzebuerg – an den zoustännge Presidente vun der LLJ, beim Béischt, wat iwwer d'Nuecht erduerch bei gudder Stëmmung vun der LLJ Cliärref fir hir Gäscht preparéiert ginn ass*

Genau zwanzeg Joer laang hat d'LLJ Zenter deemno de „Monopol“ an där Saach innerhalb vun de Landjugendgruppen. Mee, bedéngt duerch aner grouss Manifestatiounen an an der Haaptsaach duerch deen ëmmer méi grouse Succès vum Méidreschercross, deen de Membere vun der LLJ Zenter all zweet Joer vill ofverlaangt huet, ass d'Iddi am LLJ-Nationalcomité opkomm, fir d'Organisatioun vum Dag vun der *Entwécklungshëllef* am Joer vum Méidreschercross un aner Landjugendgruppen ofzeginn.

Esou kouw et, datt de Comité vun der LLJ Maacher sech eng éischte Kéier 2011 an dunn 2013 bereet erkläert huet, fir d'Aktioun an d'Hand ze huelen a jeeweils zu Rouspert/ Steenem ze konkretiséieren. D'LLJ Cliärref ass 2015 derbäi gestouss an huet och 2017, resp. 2019 alles ginn, fir datt d'Manifestatioun zu Clierf e Succès ginn ass.

Wéi d'Fotoen et bezeien, waren op en Neits vill Leit um Rendez-vous, fir den Dag ënner Frënn an am Interesse vun der gudder Saach ze verbréngen. Wéi gewinnt, ass den Optakt vum *Dag vun der Kooperatioun* mat enger feierlecher Sonndesmass gemaach ginn. An deem Kontext geet e grouse BRAVO un den Dirigent an d'SängerInne vun der Chorale Ste Cécile vu Clierf, fir déi wonnerbar musikalesch Verschéinerung vum Gottesdénkscht.

Um Uschloss un d'Mass hunn d'Leit an d'Autoritéiten sech am *Hall Polyvalent* an der Eeselbuererstrooss, fir den Eierwäin afonnt. An deem Kader huet de Bob Glod, President vun der LLJ Cliärref déi exemplaresch Zesummenarbecht an de groussen Asaz vu deenen iwwer 50 Fräiwëllegen ervirgestrach, déi laang Deeg an Nuechten am Asaz waren, fir d'Saach ëmzesetzen.

## 60 Joer am Dénkscht vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika

Nom Bob huet den ONG-President, Abbé Romain Richer, d'Wuert ergraff, huet kuerz e Réckbléck op d'Virgeschicht vun der ONG gemaach, éier hien an der Haaptsaach op déi 60-järeg Entwécklung vum haitege *Service Coopération* agaangen ass. Hien huet vun der Geleeënheet profitéiert, fir all deenen, déi sech an all deene Jore fir d'Saach staark gemaach hunn, seng Unerkennung auszeschwätzen. Dem Comité vun der LLJ Cliärref an hirem President Bob Glod huet hien e grouse Merci ausgedréckt, fir d'Begeescherung an den Asaz mat deenen de Grupp déi dësjäreg Editioun vum *Dag vun der Kooperatioun* ugaangen ass.

Och d'Angèle Mersch, Nationalpresidentin vun der LLJ, huet dat grousst Engagement vum regionale Grupp – an

## Sensibiliséierung



*D'Landjugend Cliärref huet geruff an d'Gäschten do; de Bléck an dee mat iwwer 300 Gäschten gefüllten Hall Polyvalent, deen dat bezeit*

doriwwer eraus – dat vun der LLJ ervirgestrach. De Landwirtschaftsminister Romain Schneider huet sengersäits op déi ëmmer nees flott a konstruktiv Echange mat de Vertrieber vum LLJ-Aarbechtsgrupp Agrarpolitik higewisen an huet dem *Service Coopération* vun der LLJ seng grouss Unerkennung fir déi laangjäreg Tätegkeet am Interessi vum Bauerestand an Afrika ausgesprach.

Zum Ofschloss huet de Bob Glod op de Patt invitéiert, dee vun der Gemeng Clierf offréiert ginn ass. Mir soen deene



*Niewent dem Stand vun eiser ONG (Foto lénks) waren och d'Associatiounen „Le Soleil dans la Main“, „Hand an Hand“ a „Wonschkutsch“ am Sall present, fir déi Interesséiert iwwer hir Tätegekeeten ze informéieren*

## Sensibiliséierung



*Dem Bob Glod (1. Rei, 5.v.l.), President vun der LLJ Cliärref, stoung eng staark Ekip zur Säit, fir déi iwwer 300 Gäscht am Festsall ze encadréieren*

Verantwortleche vun der Gemeng dofir Merci – dat och – well si drop gehalen hunn, fir bei där Geleeënheet, d'Cuvée Jubilée vum 60. Anniversaire vun eiser ONG ze zerwéieren.

Währenddeem, wou de Patt am kleng Sall genoss ginn ass, huet sech de grouse Festsall niewendrun no an no gefëllt. Iwwer 300 Leit haten sech fir dat Iessen ugemellt, dat vun der Entrée bis bei den Dessert vun de Membere vun der LLJ Cliärref mat regionale Produite preparéiert ginn ass. Och den Encadrement vun de Gäscht an d'Zerwéiere vum Iessen/Gedrénks ware selbstverständlech – wéi kann et anescht sinn – ganz an den Hänn vun deene Cliärrefer.

Op de Stänn vun den Asbl-en *Hand an Hand*, *Le Soleil dans la Main*, LLJ – *Service Coopération*, an der Wonschkutsch ass den Interesséierten d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir sech engersäits iwwer d'Tätengkeete vun deenen Hëllefsgeselschaften ze informéieren an anersäits hir flott Gadgets ze kafen, fir si iwwer dee Wee ze ënnerstëtzen.

Fir gutt Stëmmung huet de beschtbekannte Sänger Rol Girres de ganze Mëttag iwwer gesuergt. Fir déi Kleng war gläichzäiteg en Animatiounsprogramm opgestallt ginn, esou datt si net ze kuerz komm sinn. Alles an Allem kann een dem Bob an senger Ekip deemno e ganz grouse BRAVO ausdrécken. Si kënnen mat Stolz op dës flott Editioun vum *Dag vun der Kooperatioun* zréckblécken!!!

Fir gutt Stëmmung huet de beschtbekannte Sänger Rol Girres de ganze Mëttag iwwer gesuergt. Fir déi Kleng war gläichzäiteg en Animatiounsprogramm opgestallt ginn, esou datt si net ze kuerz komm sinn. Alles an Allem kann een dem Bob an senger Ekip deemno e ganz grouse BRAVO ausdrécken. Si kënnen mat Stolz op dës flott Editioun vum *Dag vun der Kooperatioun* zréckblécken!!!

**François Glodt**

Vill weider Fotoen ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu)



*D'LLJ-Nationalpresidenten Angèle Mersch a Marc Roeder, déi ëmmer nees gäre bei den Aktivitéiten vun de regionale Landjugendgruppen derbäi sinn, fir si bei hirem Engagement ze beroden an ze ënnerstëtzen*

### 1 BURKINA FASO – Imasgo, Tiogo, Koalma, Sabouna

## Renforcement de l'utilisation de la traction asine et des capacités productives des exploitations agricoles familiales dans 26 villages des provinces du Boulkiemdé, Sanguié, Sanmatenga et Yatenga, au Burkina Faso

